# Dem Elchi säin Newsletter

Léif Elchekanner,

kuerz virum Start vum Summersemester mellt sech den Elchi mat den neisten News aus dem Schwarzwald zeréck.

Hot SLUF Summer

Dat neit Semester steet virun der Dier a well den Elchi iech all esou vill vermësst huet, muss dat anstänneg gefeiert ginn! Dofir kommt all e Mëttwoch, de **27. Abrëll ab 20 Auer** an den **Cheers** op eisen HOT SLUF SUMMER!!!

Den Elchi invitéiert souwuel nei wéi och bekannte Gesiichter op dës Summer Boum d'Ouverture.

Mee opgepasst: et besteet d'Gefor vun extreme Schweessausbréch oder Dehydratioun, well den Owend gëtt richteg chaud!!! Dowéinst denkt drun, och genuch ze drénken! #mamSLUFamSUFF

Den Elchi freet sech op säin éischten Owend säit laanger Zäit mat iech, fir deen hien net op Restriktioune muss opmierksam maachen. An trotzdeem: bleift weiderhi virsiichteg a responsabel!




Intercercle

De SLUF invitéiert Iech all de **7. an 8. Mee** op Freiburg, fir un eisem neie **Spikeball-Intercercle** deelzehuelen.

De 7. Mee organiséiere mir ab Mëttes 13 Auer ee Spikeball-Turnéier. Op Expert*in oder Ufänger*in, jiddereen ass Wëllkomm. Natierlech ass et och kee Problem net matzespillen an däi Cercle unzefeieren.

Fir ze drénken ass natierlech Beschtens gesuergt. Owes gi mir eis dann zesummen an de Ganter Brauereiausschank um Freiburger Münsterplatz stäerken fir dono d'Freiburger Nuetsliewen ze entdecken. Natierlech ass et och méiglech nëmmen owes fir d'Iessen, d'Drénken an d'Feieren ze kommen!

Den 8. Mee organiséiere mir nach een optionale Brunch fir d’Frühaufsteher*innen.

Umelle kënnt dir Iech iwwer folgende Link: https://forms.gle/agu8gGnuxVH6XMgk7

Fir definitiv dobäi ze sinn, muss dir 40€ op den SLUF Konto (LU28 0019 5855 2238 5000) iwwerweisen oder per Digicash op +352 621 712 204! Vermierk: SPIKEBALL + Numm Virnumm.

**Delai fir d’Umeldungen an d’Bezuelen ass den 24. Abrëll!!!!**

Maacht gäre nach all kräfteg Reklamm!




Ersti-Daf

Den **11. Mee** fënnt eis **Daf** statt fir alleguer déi “Erstien”, déi sech am November steeë gelooss hunn. Mat der Daf geet de laange Wee op en Enn, bei dem een zu engem “waschechte” Sluf-Member gëtt!

Direkt virop: Falls den 11. Mee ze schlecht Wieder ass, kann et sinn, datt d’Daf ëm eng Woch no hannen op den 18. Mee verréckelt gëtt.

**Falls der gedeeft wëllt ginn, da musst dir iech bis spéitstens de 27. Abrëll um 18h iwwert dëse Formulaire umellen:**

https://forms.gle/Dx5fUiT1qrGPaswy6

De 27. Abrëll um Hot Sluf Summer wäerte mir dann d’Gruppen zéien, an déi d’Erstie fir d’Daf agedeelt ginn. All Grupp kritt vum Elchi en Thema, wéi si sech fir d'Daf verkleede sollen!

Den 11. Mee ass Treffpunkt um 19h00 um Platz der alten Synagoge, vu wou aus et da lass geet!

Bréngt den Owend vun der Daf äert ausgefëllten Daf-Bichelche mat, fir är Chancen op den Titel vun der Miss an dem Mister Sluf ze erhéijen.

Falls nach Leit do sinn, déi net gesteet goufen an d’Daf awer gäre wëlle matmaachen, da kënne si sech gäre beim Comité mellen!

Eis Daf ass natierlech fräiwëlleg a mir zwénge keen zu eppes!




Hei de Kalenner mat allen Eventer:

| | |
|---|---|
| 27. Abrëll | Hot SLUF Summer |
| 7. an 8. Mee | Spikeball-Intercercle |
| 11. Mee | Ersti-Daf |
| 28. Mee | ING-Marathon !!! |
| 1. Juni | Pubquiz |
| 23. Juni | Nationalfeierdag |
| 1. Juli | Wäifest |
| 8. Juli | Studentebal |
| 13. Juli | Straba-Party |
| 23. Juli | Grillfest |
| 12. bis 14. August | 35 Joer SLUF |
| TBA | Soccergolf |
| TBA | Wanderdag |

De **Stammdësch** fënnt weiderhin **all Mëttwoch am Cheers** statt.

**Haalt iech w.e.g. all den 28. Mee fir den ING Marathon fräi!!!** Do si mir nämlech op är Hëllef ugewisen, fir eng Hand mat unzepaken! Weider Infoe kommen deemnächst no.

Haalt iech och schonn emol den **12-14. August** fir dem SLUF seng 35-Joer-Feier fräi.

De Comité seet ausserdeem all deenen e riiiiiise Merci, déi eis den 8. Abrëll um Student fir 1 Dag ausgehollef hunn! Dir sidd déi Bescht!

Bis am neie Semester,
Ären Elchi